N°4414
Entrée le 08.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.07.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung, Wunnengsbau & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Leit, déi eng ëffentlech finanzéiert Wunneng lounen, mussen Informatiounen iwwert hiert Akommes oppeleeën an op där Basis gëtt de Loyer berechent. Jee no Modell an Organisatioun – Logementsministère, SNHBM, Gemengen, Fonds du Logement oder ASBLen – gëllen awer verschidde Krittären, wat als Revenu ugesi gëtt a wat net.

Besonnesch problematesch ass d'Berechnung, wann Allocatiounen, Indemnitéiten oder Prestatiounen, wéi d'Fleegegeld matagerechent ginn. Mir ass bekannt, datt Leeschtunge vun der Assurance dépendance (Loi modifiée du 19 juin 1998), déi fir d'Prise en charge vun enger Persoun mat engem Besoin u Fleeg- oder Hëllefsleeschtunge geduecht sinn, an eenzele Fäll bei der Berechnung vum Loyer als Revenu mat aberechent goufen.

Dëst féiert dozou, datt de Loyer däitlech eropgeet, obwuel dës Sue keng fräi disponibel Akommesquell duerstellen, mä zweckgebonnen a schonn duerch d'Fleegebedierftegkeet verbraucht sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Reegele gëllen aktuell fir d'Berechnung vum Revenu bei engem Locataire an engem ëffentlechen oder soziale Logement, a wéi eng Allocatiounen, Indemnitéiten oder Prestatioune ginn dobäi als Revenu mat aberechent?
2. Kann all Verwaltung oder Organisatioun am soziale Wunnengsbau hei seng eege Krittäre fir d'Berechnung vum Revenu festleeën? Falls jo,
    - kënne prinzipiell all steierlech befreit Allocatiounen a Prestatiounen (revenus exemptés

Sensibilité Politique Piraten – Chambre des Députés

- d'impôt) an dës Berechnung integréiert ginn, och wann se vun anere Verwaltungen ausgeholl sinn?
   - wéi gëtt verhënnert, dass dëst zu willkürlechen Decisioune féiert, wou ee gläiche Revenu vu verschidde Verwaltungen ënnerschiddlech behandelt gëtt?

3. Firwat gi Prestatioune vun der Assurance dépendance bei verschiddene Berechnunge vum Loyer am logement abordable als Revenu ugesinn, obwuel dës Leeschtunge fir d'Ënnerstëtzung vun enger Persoun geduecht sinn (zweckgebonnen) a kee fräit verfügbaart Akommes duerstellen?

4. Ass et vun der Regierung gewollt oder toleréiert d'Regierung, dass am Logement abordable betraffe Stéit jee no Verwaltung oder Gemeng ënnerschiddlech behandelt ginn?

5. Wéi eng Moosnahmen gedenkt d'Regierung ze huelen, fir Fäll ze korrigéieren, wou d'Fleegegeld oder aner zweckgebonnen Leeschtunge fréier falsch als Revenu matagerechent goufen, an ass eng retroaktiv Adaptatioun vum Loyer an esou Fäll méiglech?

6. Existéiert eng Basis tëscht de verschiddene Ministèren, fir eenheetlech Krittäre betreffend der Berechnung vun erschwénglechen a soziale Loyeren ze definéieren, a falls net, ass esou eppes oder an der Maach?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten